# Gutt Biller, schwaach Interpretatioun

*Bis den 8. Abräll hun 12 Journalisten hiert Liewen am Krich géint den Irak gelooss, 5 gëllen als vermësst a 3 anerer goufen agespaart. No enger Statistik vun der onofhängeger Organisatioun Iraq Body Count huet d'Invasioun schon op d'mannst 900 Affer ënnert den Ziviliste gefuedert. Mee nët em d'Gefoer, an däer d'Krichskorrespondenten sech stänneg bewegen, geet et. Villméi em d'Fro, firwat d'Leit wéi geckeg Televisioun kucken, fir eppes iwwert d'Invasioun vum Irak gewuer ze gin. Well villes steet besser a méi nuancéiert an der Zeitung.*

Romain Kohn

An dësen oniwwersiichtlechen Zäiten as et nët evident, fir den Iwwerbléck ze behalen. Perséinlech verloossen ech mech ganz op d'Press am éischte Sënn vum Wuert, dat heescht op d'Zeitungen — sief et um Pobeier, sief et um Internet. Dat läit natierlech an éischter Linn dorunner, datt ech zanter bal 10 Joer keng Televisioun méi doheem hun. Mee dat as nëmmen een Deel vun der Explikatioun. Wann et nämlech eppes gët, wéinst deem et mir heiansdo leed deet, keng Televisioun ze hun, dann as et alles, wat live iwwerdroe gët: Sportsevenementer zum Beispill oder politesch Diskussiounen. Och d'Invasioun vum Irak as live, mee e fehlt mir — a méi wéi engem Sënn — absolut nët um klengen Ecran.


Der Kraaft vun de Biller kann ee sech nët entzéien — och wann ee genee weess, datt Biller guer näischt beweisen, soulaang si nët an hire Kontext gesat gin. An dat as de Problem mat der Televisioun, speziell mat de Chaînen, déi Dag a Nuecht Neiegkeete bréngen. Si schalte permanent vun enger Plaatz op déi aner, vun engem Expert bei deen nächsten. De Problem as jhust: Wie setzt all dës Puzzlestécker an e verstännege Kontext? Den Todd Gitlin, e Professor fir Journalismus op der New Yorker Columbia University, mengt duerfir, eng Grëtz ironesch: "Gutt Biller, schwaach Interpretatioun." Wann de Journalismus tatsächlech deen éischten Brouillon vun der Geschicht as, dann as deen éischte Jet déi Kéier zimlech latzeg geroden.

Mee d'Öffentlechkeet gesäit dat nët onbedéngt esou, op d'manst nët an den USA. 79 Prozent vun de Leit sin zefridden mat deem, wat si an de Mediën iwwert de Krich gewuer gin. Dat huet de Pew Research Center for the People & the Press, eng duerchaus sériéis Adress fir Sondagen iwwert d'Mediën, erausfonnt. An däer nemmlechter Etude nennen 89 Prozent vun de Bieger d'Televisioun als hier éischt Informatiounsquell — géint 24 Prozent fir d'Zeitung an 19 Prozent fir de Radio. Et besteet deemno e formidablen Déséquiliber tëscht deene verschiddene Mediën.

Dësen Déséquiliber dréckt sech och op engem aneren Niveau aus. De Center for Responsive Politics as en amerikanesche Fuerschungsgrupp, deen d'Verhältnis vu Suën a Politik ënnert d'Lupp



*... damit die amerikanische Frau unverschleiert bleibt*



*...um einem arabischen Modediktat vorzubeugen*

hëlt. Dëse Grupp huet zesummegezielt a festgestallt, datt d'amerikanesch Televisiouns- a Radiosstatiounen hier Spenden u politesch Parteien a Kandidaten am Joer 2001/2002 scho bal verduebelt huet par rapport zum Joer 2000: 11 Milliounen Euro par rapport zu 6,7 Milliounen Euro. Dobäi spillt virun allem dat sougenanntent *soft money* eng wichteg Roll.

*Soft money* — dat sin Donën un d'Parteien, fir ganz allgemeng Aktivitéiten ze finanzéieren. Mee jhust dës Spende weisen an der Regel, wou dem Proprietär séng politesch Präferenze leien. D'News Corporation vum Rupert Murdoch, deem och de krichsdreiweresche Kanal Fox News gehéiert, huet bal 90 Prozent vu séngem *soft money* un d'Republikaner vum President George W. Bush virugereecht. An déi gudd Neiegkeet: Den Editeure vu Bicher an Zeitungen hier Donën sin an däer nemmlechter Zäit em méi wéi d'Halschent zeréckgaang: vu 15,04 Milliounen Dollar op 7,09 Milliounen Dollar.

Ech sin och weider dovunner iwwerzeegt, datt an den Zeitungen vill méi kritesch nogeduecht gët iwwert d'Sprooch, déi am Krich ze benotzen as. De Robert Fisk vum Londoner *Independent* huet géint d'BBC polemiséiert, obschons de britesche Service public nach ëmmer déi zouverlässegst a vläicht och kriteschst Quell vun allen Televisiounen as. Dem Fisk sénger Meenung no gët zu Onrecht vu "Koalitiouns"truppe geschwat, well eng Koalitioun wéi 1991 existéiert nët. Dann géif et "Krich" heeschen an nët korrekterweis "Invasioun", oder och nach: "Libératioun" amplaatz "Okkupatioun". Et kann een natierlech soen, dat huet alles domadder ze din, datt op der Televisioun déi néideg Zäit fehlt, fir d'Sprooch laang ze feilen, mee wann d'Sprooch ëmmer déi selwecht bleift, wéi bei Fox News zum Beispill, as et schwéier ze gleewen, datt keng Editorialpolitik derhannert stécht.

Wahrscheinlech as et duerfir keen Zoufall, datt dee beschte Journalismus iwwert de Krich géint den Irak bis ewell an enger Dageszeitung ze fannen as, doriwwer eraus an enger amerikanescher. Gemengt as awer nët déi allmächteg *New York Times*, mee d'*Washington Post*, déi d'Invasioun iwwerhaapt méi pointéiert couvréiert wéi hier Kollege vun New York. Dat as si sech och e bësse schëlleg, well am Konträr zu der *Times* huet hier Redaktioun ëmmer fir den High Noon mat dem Saddam Hussein plädéiert.

Dee Mann, deen souvill fir d'journalistesch Éier vun der Watergate-Zeitung mécht, heescht Anthony Shadid. Hien as Mëtt 30, schwätzt perfekt arabesch a bréngt et ëmmer nees fäerdeg, séngem Oppasser zu Bagdad fir kuerz Zäit ze entwutschen. Da schwätzt hie mat den Duerchschnëttbierger, an aus dëse Gespréicher entwékkelt hie séng formidabel mënschlech Portraitën a Stëmmungsbiller aus enger belagerter Stad. D'*Washington Post* as sech der Qualitéit vun dëse Reportage bewosst an huet um Internet eng Säit eleng mat dem Shadid séngen Artikelen agericht.

Natierlech sin och dës Artikelen aus dem Ablack gebuer a gi kee komplett Bild. Mee et as wéinstens e Géigegewiicht zu de Journalisten, déi *embedded* sin, resp. zu der Propaganda vun de Militärvertrieder. Natierlech sin dës Geschichten en Dag al a méi, ier si an der Zeitung ze liese sin; op däer anerer Säit gi si mat deem néidege Recul publizéiert. Der Televisioun hieren Avantage vun der Onmëttelbarkeet as zugläich hire gréissten Nodeel: Am Äiffer vum Live-Gefecht as séier eng Dommheet verzielt. Et huet iewen säi Gutts, wann een nët permanent op Antenne as, wann een eng Distanz zu den Evenemeneter ka behalen, wann et nët stänneg muss virugoen.

Wann een all Dag jhust eng Editioun ze preparéieren huet, wéi dat bei den Dagesblieder de Fall as, da muss ee siichten an erauswielen. Dann handelt een automatesch méi nuancéiert. A virun allem huet eng Zeitung de Virdeel, datt d'Redaktioun d'Hierarchie vun den Neiegkeete bäibehält. Op der 24-Stonnen-Televisioun weess en ni, wat as méi wichteg, wat as manner wichteg. Et deet mir net leed, bis elo nëmme ganz wéineg Televisiounsreportage vun der Invasioun vum Irak gesin ze hun. D'Zeitungen bleiwe fir

**Op der 24-Stonnen-Televisioun weess ee ni, wat as méi wichteg, wat as manner wichteg. Et deet mir net leed, bis elo nëmme ganz wéineg Televisiounsreportage vun der Invasioun vum Irak gesin ze hun. D'Zeitungen bleiwe fir mech dat Medium, an deem ee bei aller Oniwwersiichtlechkeet vum Krich nach dee beschten Iwwerbléck huet.**

mech dat Medium, an deem ee bei aller Oniwwersiichtlechkeet vum Krich nach dee beschten Iwwerbléck huet.

*(Fräie Micro um Radio 100,7 vum 9. Abrëll 2003)*

PS: D'Etude vum Pew Research Center for the People & the Press kann ee vum Internet eroflueden:

*http://people-press.org/reports/pdf/177.pdf*

Dem Anthony Shadid séng Artikelen an der *Washington Post* fënnt een op dëser Säit, woubäi een déi eelste Reportagë muss uklicken, wéi hien nach aleng zu Bagdad war. An der Tëscht si vill aner Auteuren derbäikomm:

*www.washingtonpost.com/wp-dyn/nation/nationalsecurity/abroad/iraq/baghdad/*

En exzellente Weblog iwwert Journalisten, déi iwwert de Medien hier Aarbecht am de Krich schreiwen, huet den Jimmy Guterman an der *Online Journalism Review* ënnerhal. Hien huet aus evidente Grënn mat séngem Journal opgehal, mee et kann een e weider um Internet duerchbliederen *(www.ojr.org/ojr/media_on_media/blog.php)* oder op dem Guterman säi perséinleche Site luusse goen *(www.guterman.com)*.

Den englesche *Guardian* huet eng “War watch” ageriicht. Do fënnt een all méiglech Behaaptungen a Géigebehaaptungen, déi am Mediëkrich gemaach goufen:

*http://media.guardian.co.uk/iraqandthemedia/story/0,12823,921649,00.html*

Am *Guardian* fënnt een och eng Iwwersiicht vun den Affer ënnert de Journalisten:

*http://media.guardian.co.uk/iraqandthemedia/story/0,12823,926624,00.html*

Medien-Tenor, en internationalt Institut fir inhaltlech Mediënanalysen, huet fir d'*Frankfurter Allgemeine* eng Etude gemaach, wat verschidden Televisiounschaînen an e puer Länner (Dätschland, England, Amerika, Tschechien a Südafrika) iwwert de Krich verzielt huet. E puer Diagrammen däerf ee sech ukucken:

*www.medien-tenor.de/aktuelles/irak_030413_internet/sld001.htm*

De Michael Wolff as en respektéierte Mediëjournalist. Op enger Pressekonferenz mat dem Generol Vincent Brooks hat hien de Culot, fir ze froen, wat d'Journalisten eintlech op deem Briefing géife maachen. Si géife souwisou näischt am Centcom gewuer gin. Doropshin huet de Wolff säin Hotel zu Doha misse wiesselen, well e méi e séieren Internet-Accès gebraucht huet, fir séng 3.000 Hate-Mailen erofzelueden. Hei säi Reportage:

*www.newyorkmetro.com/nymetro/news/media/columns/medialife/n_8623/*

Datt och d'Zeitunge kënne fuddelen, beweist eng Photo, déi d'Los Angeles Times publizéiert huet, ouni ze wëssen, datt et e Montage vun zwee Biller war. De Photograph gouf entlooss, wéi séng Manipulatioun bekannt gouf:

*www.latimes.com/news/custom/showcase/la-ednote_blurb.blurb*

Zum Schluss e komplett geckege Site, deen e puer Leit aus puerem Eefalt gemaach hun, well hinnen d'Prestatioune vum fréieren irakeschen Informatiounsminister Mohammed Said al-Sahaf esou gudd gefall hun. Si warnen d'Lieser awer direkt, de Mann hätt den Ament Congé sans solde. Tasen an T-Shirtë mat Spréch vum MSS kann ee weider bestellen; domadder gin d'Fraisë vum Site bezuelt:

*www.welovetheiraqiinformationminister.com/*

*...um das Internet sauber zu halten*

